LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3356 vum honorabelen Deputéierte Ricardo Marques**

1. **Kann de Minister no Regioun an no Typ vu Struktur opweisen, wéi vill Plazen aktuell fir den DAP Educatioun besaat sinn?**

   De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend huet keng Informatiounen, déi d'Unzuel vu Schülerinnen a Schüler no Typ vun der Struktur weist.

2. **Wéi geseit den Bilan dun den leschten 3 Joer aus (Erfollegsquote, Widderhuelungen, Ofbréch, Kënnegung vum Léiervertrag)?**

   2022 hate 507 Schüler d'Formatioun ugefaangen a dovun hunn der 226 (44,5 %) am Summer 2025 hiren Ofschloss gemaach. 36 Schüler (7,1 %) hunn de Projet integré final net gepackt a mussen deen am Januar 2026 nach eng Kéier maachen. Aner 153 Schüler (30,1 %) sinn nach amgaang an hu mindestens ee Joer vun der Formatioun widderholl. 92 Schüler (18,14 %) hunn d'Formatioun ofgebrach a sech anescht orientéiert.

   Am Oktober 2025 ware 718 Leit an deenen dräi Joer vun der Formation initiale ageschriwwenen an 195 an der Formation adulte.

3. **Wat ass de Feedback vun de Strukturen, déi Stagiairen/Léierleit, Regionaldirektiounen ophuelen?**

   Et gëtt keen systematesche Feedback vun de Strukturen, déi Stagiairen ophuelen.

4. **Wéi oft (Zuele pro Joer) kënnt et vir, datt een de Léiervertrag ofbrécht oder datt eng Struktur d'Zesummenaarbecht ofbrécht? Wat sinn déi heefegst Ursaachen?**

   D'Majoritéit vun de Schüler (78,6 %) sinn an der Formation initiale ageschriwwen, déi als Formation plein temps ugebuede gëtt. Déi Schüler sinn net ënner Léiervertrag, mee hu fënnef Stagë vu véier bis sechs Wochen iwwer déi dräi Ausbildungsjore verdeelt. Pro Stage ginn ëmmer all d'Klasse vun engem Ausbildungsjoer an d'Strukturen a do ginn allkéiers maximal 1-2 Convention-de-stagë geléist.

   Déi aner 21,4 % sinn Apprentien an der Formation adulte, déi e Léiervertrag an enger Struktur hunn. Am Schouljoer 2024/2025 goufe 44 Kontrakter opgeléist, dëst aus ganz ënnerschiddleche Grënn.

   An deene meeschte Fäll ass d'Opléisung vum Ausbildungskontrakt eestëmmeg, esou datt d'Strukturen an den Apprenti sech eens sinn, datt eng weider Zesummenaarbecht net passend ass. Eng Rei Kontrakter ginn awer och schonn an der Proufzäit opgeléist.

5. **Wéi ginn Zäit, Responsabilitéiten, Opsiicht an Evaluatioun am Binôme definéiert?**

   Souwuel wärend engem Stage wéi och am Apprentissage muss de Schüler oder Apprenti vun engem Tuteur encadréiert ginn. Dësen Tuteur ass den Uspriechpartner am Alldag a kuckt mam Schüler oder Apprenti, wéi säin Aarbechtsplang ausgesäit, fir datt genuch Méiglechkeete bestinn, un de virgeschriwwene Fachkompetenzen ze schaffen.

   Den Tuteur ass och fir d'Evaluatioun vun dëse Fachkompetenzen um Enn vun engem Stage oder um Enn vun all Semester vum Module patronal am Apprentissage zoustänneg.

6. **Kréien d'Tuteuren um Terrain eng Formatioun oder Guideline, a gëtt et eng Unerkennung oder Kompensatioun fir dës Roll?**

   All Tuteur soll am Virfeld eng Formation du tuteur maachen, déi vum *House of Training* an Zesummenaarbecht mam Service de la formation professionnelle ugebuede gëtt. Dës Formatioun gëtt als Weiderbildung unerkannt a kann zu deenen aacht Stonne pro Joer gerechent ginn, déi fir d'Personal am Beräich vun de Kannerbetreiungsstrukture virgesi sinn.

   Ausserdeem gëtt et fir all Stage souwéi fir all Module patronal e Référentiel d'évaluation an e Programm mat Erklärungen zu der Begleedung vum Schüler oder Apprenti. Am Carnet de stage souwéi och am Carnet d'apprentissage fannen d'Tuteuren doriwwer eraus och allkéiers detailléiert Erklärungen.

   All Struktur, déi e Schüler fir e Stage am Kader vun der Beruffsausbildung ophëlt, kritt dofir eng Indemnitéit ausbezuelt, déi am Artikel 5 vum Gesetz vum 31. Juli 1995 iwwer d'Aarbecht an d'Beruffsausbildung (*loi du 31 juillet 1995 relative à l'emploi et à la formation professionelle*) definéiert ass.

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH